PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Persounen, déi an d'Vakanz wëlle fléien, kënnen sech fir verschidden Destinatiounen tëscht Economy, Business oder First Class entscheeden. Am Fall, wou ee Business oder First Class bucht, huet d'Rei am Fliger nëmmen 2 Sëtzer, respektiv gëtt laut der "Free Steat Policy" de Sëtz an der Mëtt fräi gelooss. Doduerch fléie manner Passagéier an enger Maschinn vun A no B.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi chiffréiert sech am Duerchschnëtt den Ënnerscheed un d'CO2-Emissiounen pro Kapp tëscht engem rengen Economy-Fluch an engem renge Business-Fluch?
2. Wéi positionéiert sech d'Regierung par Rapport zu Businessflich virum Hannergrond vum rezentste Klimarapport vun der IPCC? Denkt d'Regierung, dass esou ee Modell weider gefërdert soll ginn?
3. Am Kader vun der CO2-Besteierung, gëtt op EU-Niveau elo och iwwert eng Kerosin-Stéier nogeduecht. Wéi steet d'Regierung zu enger CO2-Stéier, déi tëscht engem Economy, Business a First Class Fluch géing ënnerscheeden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député